

Wäertvollen Asaz fir de Bauerestand am Burkina Faso a fir d'ONG hei zu Lëtzebuerg



Klierf, de 4. Oktober 2015: Am Kader vum Éierewäin vum Dag vun der Kooperatioun – dee vun der Gemeng Klierf offréiert gouf – hunn d'Vertreder aus dem Verwaltungsrat vun der ONG, zesumme mam Här Emile Eicher, Député-Maire (3.v.r.) an dem Fränz Schlechter (6.v.l.), President vun der LLJ Clärref, dem Marcel Scheidweiler (7.v.l.) hire grouse Merci ausgedréckt, fir säi laangjäregt Engagement an der Kooperatiounsarbeit an Afrika

Interview mam Marcel Scheidweiler, laangjäregt Member vum Conseil d'administration vun der ONG a Project-Manager vum Kooperatiounsprojet „Centre technique d'amélioration de la traction asine – CTAA“ am Burkina Faso.

No de sougenannte „Burkina Days“, déi eis ONG am Kader vun der *Foire Agricole* vun Ettelbréck mat verschiddenen anere Lëtzebuurger ONGen an Associatiounen - wéi *Fondation Chrëschte mam Sahel*, *Association Le Soleil Dans la Main*, *Fondation Dr Elvire Engel*, *Solidaresch Aktioun Echternach a Partage Afrique* organiséiert huet, huet de Marcel säi Récktrëtt aus dem Conseil d'administration vun der ONG no laange Jore vun Engagement bekannt ginn. Wéi mir et scho bei anere groussen Aktivitéite vun der ONG gewinnt waren, zënter datt de Marcel 2004 e Mandat am Conseil d'administration vun der ONG ugeholl huet, huet hien och bei der Preparatioun an der Realisatioun vun dësen „Burkina Days“ e beispillhaften Asaz gewisen an domat maassgeblech dozou bäigedroen, datt d'Aktioun zu Ettelbréck e grouse Succès ginn ass. Iwwregens kann een sech weiderhin an der Billergalerie, déi ënner www.jongbaueren.lu ze fannen ass, vun der Reussite vun dëser gemeinsamer Sensibilisatiounsaktioun - déi vum Lëtzebuurger Kooperatiounsministär cofinanzéiert gouf - iwwerzeegen.

Mir kommen awer elo op de Marcel zrëck, dee vill a wäertvoll Aarbecht fir d'ONG vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer an domat fir de Bauerestand am Burkina Faso gelescht huet. Vum Abrëll 1960 bis Februar 1961 war de Marcel selwer zu Imasgo an der Obervolta tätég, fir d'Aarbecht weiderzeféieren, déi den Tony Mailliet 1959 – mam Impuls vum Pater Henri Spoden s.j. - ugestouss an domat de Grondstee geluecht huet vun enger laanger Geschicht, wat d'Entwécklungszesummenaarbecht am Interessi vun der ländlecher Bevëlkerung an Afrika vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer betrëfft.



1960: D'Entwécklungshelfer Marcel Scheidweiler (l.a.B.) a Rolph Ketter (r.a.B.) mat de lokalen Aarbechter am Atelier zu Imasgo, wou d'Kielere fabrizéiert goufen



1960: De Raphaël mam Etienne Ramdé beim Oplackere vum Buedem mat Hëllef vun engem Iesel

Wou de Marcel nees zrëck zu Lëtzebuerg war, ass hien – wéi och den Tony Mailliet – a sëllegen Informatiounsversammlungen oder a Schoulen op d'Aarbecht agaangen, déi zu Imasgo an Ëmgéigend realiséiert gouf. Am Joer 2002 ass de Lëtzebuerger Kooperatiounsministär - ënner dem Impuls vum deemolege Kooperatiounsminister, dem Här Charel Goerens, an dem Direkter vun der Kooperatioun, dem Här Jean Feyder - un äis erugetrueden, fir eng Etude d'impact an d'Weeër ze leeden, déi d'Aarbecht, déi vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer vun 1959 – 1969 an der Obervolta gelescht gouf, ze evaluéieren.

De Marcel huet sech deemools direkt abruecht, fir den Experte vum COTA aus der Belge (Collectif d'échanges pour la Technologie Appropriée), resp. deene vun der INERA aus dem Burkina Faso (Institut de l'Environnement et de Recherches Agricoles) bei der Realisatioun vun der Etude zur Säit ze stoen. D'Etude beleet kloer, datt d'Uspane vum Iesel sech duerch den Asaz vun de Lëtzebuerger (an den 1960-ger Joren) ganz staark am Burkina Faso verbreet huet. Si weist dësweideren drop hin, datt den Iesel zënterhier fir vill Duerfbewunner en onverzichtbare Begleeder ginn ass, deen eng ganz Rei Déngschter leescht, fir zum Iwwerliewe vun deene mannerbemëttelte Bauerefamillje bäizedroen. Déi eeler Generatioun am Burkina Faso ass während der Enquête esou wäit gaangen, datt si den Iesel als „Jong vum Bauer“ betitelt huet.

Déi vulgariséiert Versioun vun der Etude ass weiderhin a franséischer (L'Âne, premier fils du paysan) an däitscher Versioun (Der Esel, der älteste Sohn des Bauern) ënner www.jongbaueren.lu ze fannen.

Aus den Iwwerleeunge vun der Etude eraus ass du bekanntlech dee sougenannte „Centre technique d'amélioration de la traction asine (CTAA)“ - deen zënter 2008 zu Imasgo an an de Partnerdierfer Koalma, Tiogo a Sabouna realiséiert gëtt - op d'Bee gestallt ginn, fir d'Aarbecht mam Iesel am Interessi vun de lokale Produzenten ze optimiséieren. De Marcel huet sech a senger Funktioun als Project-Manager och hei staark abruecht. Wéivill Stonnen hien no der Etude am Burkina tatsächlech doheem

beim Computer souz, fir de Projet op Pabeier ze bréngen, fir Mailen ze beäntweren, fir d'Rapporten ze iwwerliesen oder iwwer Skype mat den Experten ze diskutéieren, dat wësse just hien a seng Madame.

Marcel,

nom Tony Mailliet, dee vun 1959 bis Abrëll 1960 als 1. Entwécklungshelfer vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer an der deemoleger Obervolta tätég war, hues Du 1960 d'Relève vun dengem Virgänger iwwerholl, fir dat, wat den Tony bis dohin ugereegt huet, weiderzeféieren. Hien huet zu Imasgo bekanntlech no Léisunge gesicht, fir deenen einfache Baueren an hire Fraen déi haart Aarbecht um Feld ze vereinfachen. Mat der spontaner Uspannung vum Iesel an der domat verbonnener besserer Bewirtschaftung vun de Felder konnten d'Ertrag vun de Produzente verbessert ginn. Kanns Du eise Lieser matdeelen, wéis Du dës Initiativ vun dengem Virgänger deemools gesinn hues a wéis Du se haut aschätz – no all deene Joren, wous Du Member vum Conseil d'administration vun eiser ONG a virun allem Project-Manager vum CTAA wars?

Deemools, grad ewéi haut, war a sinn ech iwwerzeegt, datt et de richteg Wee ass, fir d'Leit op der Plaz ze léiere mat einfachen an hire Méiglechkeeten ugepasste Methoden hiren Akerbau ze verbesseren. Deemools ass et drëm gaang, den Iesel als Zugdéier ze gebrauchen, d'Felder mam Iesel ze plouen, a Reien ze séinen, mam Iesel a mam Kappert d'Onkraut tëschent de Reien ewechzegéiden. Den Iesel an de Kieler hu misse mat Iwwerzeegungsarbecht - déi vum Tony Mailliet ugefaange gouf - géint déi traditionell Mentalitéit agefouert ginn. Hei duerfe mer de grouse Verdéngscht vum Monseigneur Bretault - Bëschof vu Koudougou - net vergiessen, deen de Katechisten, wa se fäerdeg ausgebild waren an uechtert d'Land an d'Dierfer geschéckt goufen, zwéin lesele mat dem néidege Geschir, engem Plou oder enger Houe de Manga zur Verfügung gestallt huet.

D'Katechisten hunn an deene verschiddenste Regiounen vun der Obervolta hir Felder mam Iesel beakert, krute gutt Resultater a konnten esou d'Leit iwwerzeegen, datt den Iesel e ganz nätzlecht, wäertvoll Déier ass, dat dem Mënsch an der Sahel-Zon gutt Déngschter leeschte kann.

Haut sinn ech frou an houfreg, datt d'Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer net nëmmen eng Revolutioun am Akerbau a Westafrika ugefaangen hunn, awer datt si mat der Ënnerstëtzung vum Kooperationsministär a vu ganz ville Leit dee Projet weider ausbauen, verdéiwen an den neien Erausforderungen upassen kënnen. Et ass wichteg, datt mer eng zentral Plaz an der Form vum „Centre technique d'amélioration de la traction asine“ (CTAA) geschafen hunn, wou d'Baueren de richtegen Ëmgank mat den Ieselen, der Kassin, d'Beakere vun de Felder mat Mësch, d'Aarbechten am Gaart mat den Ieselen geléiert ginn. Op dëser Plaz sollen d'Leit och einfach Methode fir hir Gäert ze bewässere gesinn. Si solle sech bewusst ginn, wéi wichteg et ass, d'Reewaasser opzefänken a sënnvoll anzesetzen.

Och wann ech heiansdo meng Zweiwelen hat a wann den CTAA mer Kappwéi ginn huet, esou sinn ech der Meenung, datt dee Projet néideg war an ass, datt e weider gefouert muss ginn, well et eng Referenz fir den ökologeschen Akerbau am Burkina Faso ass, deen dem Bauer um Land am beschte weiderhëlleft.

Deemools huet den Tony ënnert dem Motto „Kampf géint den Hunger an der Welt“ säin Asaz gesinn. Haut gesinn di meeschte Länner an, datt de verbesserten Akerbau an Afrika eng mat deenen éischte Bedingungen ass, fir e Land virunzebréngen. Do ass de Service Coopération vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer also um richteg Wee.

Fir äis e konkret Bild ze maachen, wiere mir frou, wanns Du kuerz drop agoe kënns, wat deemools Deng Aarbecht zu Imasgo an Ëmgéigend war.

Ech hat mech beim Pater Spoden gemellt, fir zu Imasgo Ieselskielieren ze maachen, fir datt den Tony an d'Dierfer fuere konnt, fir de Baueren d'Aarbechte mam Iesel ze demonstréieren. Leider huet den



1960: De Marcel an engem Kakuettefeld mat am Hannergrond déi eenzel Parzelle vun engem Versuchsfeld mat Hirse

Tony gesondheetshalwer missen zeréckkommen. Op der Missiounsstation vum Imasgo huet de Frère Joseph Nouvelan mer ganz gutt Rotschléi ginn, wat fir Planzen ech ubaue soll a wéi ech et maache soll. Ech hunn Hirse-, Erdnëss, Bounen- a Räisfelder ugeluecht. Ech hunn déi eenzel Hirseparzelle verschiddentlech mat Mësch oder Dünger behandelt, ech hu geplout an a Reie geséint. Et konnt een esou schéi gesinn, wat am beschte fir d'Planze war. Meng Felder lounge nient der Haaptstrooss Koudougou-Yako-Ouahigouya a vill Leit, déi hei laanscht koumen, ze Fouss oder mam Velo, si stoe bliwwen an hu sech d'Methode vu mengen Aarbechter erkläert gelooss. - Op enger grousser landwirtschaftlecher Ausstellung am Januar 1961, konnt ech dem éischte President vum der Obervolta, dem Här Maurice Yaméogo, déi nei Methode virstellen an him a seng Leit virféieren, wéi ee mat engem Iesel, Waasser aus dem Pëtze schaffe kann.

Iwwer 200 Kieler hunn ech mat mengen Aarbechter gemaach, déi ech mat de Suen, déi de Pater Spoden mer geschéckt huet, bezuelt hunn. Déi Kieleren hunn ech de Baueren an dem „Commandant de cercle“ verkaf. Mam Rolph Ketter, deem am September 1960 kum, hu mer a verschidden Dierfer Shaduffsystemer opgeriicht, fir d'Waasser méi einfach aus dem Pëtze ze schaffen. Awer dat war e Mësserfolleg, well d'Leit déi ganz Konstruktioun nees ofgeriicht hunn, esoubaal mer aus dem Duerf waren. Well de Johnny Storn an de Camille Engeldinger am November 1960 op d'Plaz koumen, hunn ech zäitweis zu Koudougou an de Pateren hirem Gaart geschafft, dee ganz verwéldert war. Ech si fir d'Kieleren ze maachen dorower gefuer, hu mech an d'Landwirtschaft engagéiert an esou garantéiert, datt d'Pionéieraktioun, fir den Iesel als Zugdéier ze gebrauchen, déi den Tony Mailliet ugefaangen hat, weidergefouert gouf.

De Pater Henri Spoden s.j. huet bekanntlech den Ustouss zu der elo bal 60-järegger (2019) Entwécklungszesummenaarbecht vun de LJB & JW ginn. Wéi hues Du de „Bauerepater“ erlieft?

De Pater Henri Spoden war e Mann a Geeschtlechen, deem d'Häerz op der richteger Plaz hat. Intelligent, spontan, jovial, éierlech, riichter aus a wäitsiichteg huet hien heiheem vill Kontakter opgebaut, déi der Entwécklungsaarbecht zegutt koumen. Duerch seng gutt Relatiounen mat der Duerfbevëlkerung a mat villen aflossräiche Leit aus dem Land, esou wéi seng regelméisseg Zeitungsartikelen hunn d'Aktioun vum de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer vun 1959 bis 1969 am ganze Land bekannt a beléift gemaach. Mer verdanken him ganz vill a sinn him Unerkennung a Respekt schëlleg.

D'Entwécklungszesummenaarbecht, wéi Dir se an der Obervolta – respektiv Är Nofolger am deemolege Zaire oder an der Côte d'Ivoire – kannt hutt/hunn, gëtt haut anescht ugepak. Du kanns och do e Wuert matschwätzen; déi zwou Approchen hues Du als 2. Entwécklungshelfer vun de LJB & JW an als Project-Manager vum CTAA kennegeléiert.

Fréier war et méi einfach. De Coopérant war eng laang Zäit op der Plaz, huet do gelieft, huet déi afrikanesch Mentalitéit kennegeléiert an huet um eegene Läif, d'Schwieregkeete vum Klima gespuert. Doduerch huet hien d'Aarbecht besser organiséieren, upassen a verbessere kënnen. Hie konnt direkt agräifen, wa Problemer opgedaucht sinn. Den Entwécklungshelfer huet misse flexibel an entschlossfähig sinn. Hien hat d'Gefill, wierklech eppes bewierken ze kënnen, well e fräi an zimlech onofhängeg handle konnt. Hien huet net fir all Klengegkeet d'Meenung an d'Averständnes vun enger Dose Leit ofwaarde missen, fir op der Plaz eng Entscheidung ze huelen. Et war kloer, datt hien och Rechenschaft iwwert seng Aarbecht ginn huet, awer dat gouf méi global gesinn: war d'Resultat gutt, dann hunn d'Klengegkeeten net gezielt.

Haut si mer wäit vum Schoss. Mer sinn e puer dausend Kilometer wäit ewech a gesinn eis Partner eemol fir e puer Deeg am Joer um Terrain a vläicht eng Kéier am Joer hei bei äis. Doriwwer eraus, muss déi klengsten Ännerung mat deene verschiddene Partner (Ministär, Verwaltungsrot, afrikanesch Partner) besprach ginn an alles muss genee, wéi et am „Cadre logique“ vum Projet festgehal gouf, verwierklecht ginn. All Su, deen investéiert gëtt, gëtt bis véier Stellen hannert dem Komma kontrolléiert, nach vun engem oder zwéin Auditen erëm kontrolléiert, kommentéiert an diskutéiert. Dee ganzen Opwand, de Pabeierkrich, d'Etuden, déi virun engem Projet gemaach musse ginn, sinn opwänneg a kaschten och en Heedegeld. D'Experten, déi op den Terrain kontrolléiere ginn, si liewenswichtig fir de Projet, fueren awer och net fir näischt op d'Plaz. De Wee zum Erfolleg ass haut méi laang an hängt vu ville Leit of. Europäesch Coopérante sinn net méi onbedéngt erwünscht. D'Afrikaner si gutt ausgebild a sinn am Prinzip fähig, fir d'Projeten an Eegeregie duerchzezéien. Fréier ewéi haut muss d'Entwécklungsaarbecht op d'Vertrauen an op d'Kompetenz vun de Partner baséieren. Haut huet een de Virdeel, datt fir all Su, dee fir d'Entwécklungsaarbecht ausgi gëtt, ee Beleg do muss sinn. D'Aarbecht ass méi deier, awer méi transparent.

Wéi schonn uewe beschriwwen, ass de Lëtzebuerger Kooperatiounsministär am Joer 2002 un d'ONG erugetrueden, fir eng Etude d'impact an d'Weeër ze leeden, déi d'Aarbecht, déi d'Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer vun 1959 – 1969 an der Obervolta geleescht hunn, ze evaluéieren. Du hues Dech sengerzäit spontan abruecht fir den zoustännegen Experte bei der Realisatioun zur Säit ze stoen. Mat Sécherheet ass fir Dech domat en nei Säit am Buch vun Dengem Liewen opgeschloe ginn. Du hues Dech vun deem Moment u voll op d'Saach konzentréiert. Kanns Du äis soen, wéis Du déi Zäit erlieft hues?

Déi Zäit vun 2003 bis 2015 war aussergewöhnlech interessant, opreegend a spannend. No 40 Joer konnt ech nees an dat Land zeréckgoen, wou ech als 22-Järegen d'Chance hat, derbäi gewiescht ze sinn, fir am Akerbau eng revolutionär Aktioun anzeféieren. Et war eng Erausforderung, eng Eier an och net ëmmer eng Freed, fir den CTAA an d'Liewen ze ruffen. Ech hat onheemlech vill positiv Stonnen an Erlebnisser hei beim Service Coopération vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer an am Burkina Faso. Déi gutt a manner gutt Erfahrungen an der Zäit gehéieren zu den Héichpunkte vu mengem Liewen. Ech soen de Membere vum Verwaltungsrot vun der ONG e grouse Merci fir d'Vertrauen an d'Frëndschaft, déi si mer geschenkt hunn.

2004 hues Du en offiziellt Mandat am Conseil d'administration (CA) vun der ONG ugeholl. Bis den 1. August 2015 hues Du dëst Mandat weidergefouert. Wat ass Deng Aschätzung vun dëse laange Joren als Member vum CA a wat hunn si Dir bruecht?

Déi Frëndschaft, déi Opgeschlossenheet, deen demokratesche Geescht, alles wat ech am CA vun der ONG erlieft hunn, war aussergewöhnlech schéin, konstruktiv an esou intensiv, datt ech houvreg op déi Erfarunge sinn. D'Zesummenaarbecht mam Leo Wagener, President an Aumônier, mam Franz Glodt, Permanent, mam Romain Richer, haitege President, a mam Jacqueline Monville, Chargée de projets, war op de géigesäitege Respekt a Frëndschaft baséiert. All de Membere vum CA soen ech e grouse Merci, datt si mer, als eelere Pensionär, hiert Vertrauen an hir Frëndschaft geschenkt hunn. Ech hu mech gefreet, fir all Mount mam Carlo Schiltges oder eleng aus dem Éislek an d'Versammlung vum CA ze kommen. Erliichtert war ech awer och, wéi d'Jacqueline als Chargée de projets agestallt gouf an eiser Aarbecht eng nach méi grouss professionell Basis ginn huet.



Och e puer Wuert vun Unerkennung huet de President vun der ONG um Dag vun der Kooperatioun 2015 (an der Oktober-Editioun vum Duerf) un d'Madame Manny Scheidweiler-Recken gericht. Si huet hirem Mann ganz oft de Réck fräigehalen, fir datt hien sech voll op seng Aarbecht als Project-Manager vun der ONG konzentréiere konnt (v.l.n.r.: Abbé Romain Richer, Manny Scheidweiler-Recken, Marcel Scheidweiler)

Déi Zäit am CA war eng Beräicherung vu mengem Liewen, déi net hätt kéinte besser sinn. Ech konnt aktiv an de Projete matschaffen, ech konnt zrëck an de Burkina goen, ech hunn d'Resultat vun der „Mgr Bretault-Pater Spoden-Tony Mailliet-Aktioun“ gesinn a konnt mat un enger Weiderféierung vun deem Projet schaffen. Wat kann een nach méi vun esou engem Asaz verlaangen? Ech, fir mäin Deel, si komplett zefridden, well ech weess, datt eisen CA an eis afrikanesch Partner alles maachen, wat an hire Kräfte steet, datt den CTAA e Virbild fir déi ganz Regioun gëtt.

Opgrond vun der Etude d'impact ass d'Iddi opkomm, fir e Kooperatiounsprojet op d'Been ze stellen, fir d'Aarbecht mam lesel vun de lokale Produzenten iwwer de Wee vun engem „Centre d'amélioration de la traction asine“ ze optimiséieren. Du wars maassgeblech un der Preparatioun an der Realisatioun vun dësem Projet - dee schlussendlech vun 2008 un, realiséiert konnt ginn - bedeelegt. Mëtt 2012 huet de CA vun der ONG beschloss, fir eng sougenannten „Chargée de projets“ anzustellen an de Wee vun der Professionaliséierung weiderzegoen. Och wanns Du bis den August 2015 nach ëmmer am enke Kontakt mam Büro vun der Kooperatioun vun der ONG stoungs a regelméisseg an de Centre Convict komm bass, fir u verschiddene Reuniounen deelzehuelen, konnts

Du déi grouss Verantwortung, déis Du bis 2012 gedroen hues, un d'Jacqueline Monville ofginn. Wat ware fir Dech déi gréissten Erausforderungen, wat de Projet CTAA betrëfft.

Fir d'éischt hu mer misse véier Joer kämpfen, éiert de Projet vum Kooperatiounsministär ugeholl gouf. Mat grousssem Elan an Enthusiasmus ass et du lass gaang, fir d'Infrastruktur vum Zenter opzebauen. Awer no sechs Méint ass den Hippolyte Ouédraogo, eisen Haaptuspriechpartner am Burkina, Ambassadeur vu sengem Land am Senegal ginn. Säin Ersatzmann huet vill Zäit gebraucht, bis hie sech un äis a mer äis un hie gewinnt haten.

Eist Personal um CTAA huet äis och Kappzerbriechees gemaach: Een Ugestallten ass gestuerwen, een aneren ass mam Moto esou schwéier gefall an huet sech esou verletzt, datt en seng verantwortungsvoll Aarbecht als Moniteur net méi weiderféiere konnt. Eng Persoun hu mer missen entloossen, well si et net op hirem Poste bruecht huet. Et war schwéier, fir eise Personal kloer ze maachen, datt d'Formatiounen um CTAA ofzehale wieren an net nëmmen an den Dierfer. Et huet laang gedauert, bis d'Personal agesinn huet, firwat mer 6 Reewaasserbehälter vu je 70 Fudder gebaut hunn a bis se déi 420.000 Liter Waasser richteg agesat hunn. Nach haut maache mech d'Gedanken un déi Schwiereregkeeten net frou.

Wat ass Deng Appreciatioun vum Kooperatiounsprojet CTAA - deen d'ONG nach e puer Joer beschäftege wäert, bis datt eng gewëssen Autonomie garantéiert ass?

Den CTAA ass e Pilotprojet, deen eemoleg ass. Aus deem Gronn, hate mer mat ville Schwiereregkeeten ze kämpfen, déi an anere Projeten net opgedaucht sinn. Duerch dem Jacqueline seng professionell Aarbecht huet de Projet den Dréi kritt a steiert op eng Autonomie hinn. D'Formatiounen fir d'Bauere gi vun den ONGe gefrot a vun hinne bezuelt. Dat ass e gutt Zeechen an eng Pist, déi ausgebaut muss ginn. Den CTAA selwer muss weider zu engem Unzéiungspunkt fir d'Bauere ginn. Hei mussen si virbildlech Demonstratiounsfelder virfannen, déi hinne Fudderplanzen als Beispill presentéieren, Weeden, déi och an der Dréchenzäit gréng sinn, well se mat dem gespäicherte Reewaasser genetzt ginn, Gäert, wou se innovativ Methode fir Geméis unzeplanzen, gesinn, leselen, déi op d'Wuert follegen an net mënschen- oder aarbechtsschei sinn. Et muss ëmmer eppes lass sinn op deem Zenter: eng Ausstellung vu landwirtschaftlechem Geschir, en Dag vum lesel mat Concours fir de schéinsten oder stäerksten lesel erauszefannen, mat enger leselcourse, verschidde Methoden, fir d'Waasser aus dem Pëtz (bei äis: aus de Behälter) ze schäffen. Wa mer et fäerdeg bréngen, fir aus dem CTAA en Unzéiungspunkt ze maachen, deen d'Leit begeeschtert, si mer gewonnen an den CTAA gëtt dat, wat e vun Ufank u sollt sinn: ee Beispill fir Innovatioun, Entrepreneursgeescht a Fortschrëtt.

Wéi schätz Du déi aner aktuell Projete vun der ONG an, déi mat de lokale Partner am Kongo, am Burkina Faso an am Kamerun realiséiert ginn?

Déi Projeten am Kongo an am Kamerun lafe ganz gutt, well mer et do mat seriöuse Partnerinnen ze dinn hunn. Hei sinn d'Schwëstere vun der Congregatioun „Soeurs de Sainte Marie de Namur“ ganz aktiv a maachen hir Aarbecht gewëssenhaft a genau esou, wéi de Kooperatiounsministär an de Service Coopération vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer et virschreiw. De Schoulprojet vun Zambélé am Burkina Faso fänkt elo un, Wierklechkeet ze ginn. De Staudamm-Projet, dee mer zesumme mat der ONG „Le Soleil dans la Main“ maachen, ass gutt virbereet a gëtt bestëmmt en Erfolleg. An deenen zwéi Projete schaffe mer mat Partner zesummen, déi eng laang Erfahrung an der Entwécklungszesummenaarbecht hunn. Op eiser Säit leet d'Jacqueline déi Projete gewëssenhaft, kompetent a mat vollem Asaz, esou datt den Erfolleg sécher ass. Ech hu jiddefalls vollt Vertrauen, datt d'Projete vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer eng gutt Zukunft hunn.

Fir eis Lieser: Informatiounen zu den aktuelle Kooperatiounsprojete fënnt een ënner www.jongbaueren.lu oder am ONG-News 2015, deen an der Zentral vun der LLJ – JB & JW am Centre Convict ugefrot ka ginn: Tel. 44743 – 252 oder Email landjugend@pt.lu.

Och fir d'ONG huet dës Etude d'impact am Burkina Faso zu enger neier Etapp an hirem bal 60-järeg Bestoe gefouert. D'Kooperatiounsaarbecht vun de LJB & JW gouf der Zäit ugepasst, professionaliséiert an d'Bestëmmung vum Lëtzebuerger Kooperationsministär eescht geholl, fir eng Kooperatiounsaarbecht ze leeschten, déi den haitegen Ufuerderunge gerecht gëtt. Wéi gesäis Du dat?

Eis Aarbecht ass aus dem Benevolat ervirgaangen an huet elo de Stadium vun der Professionalitéit erreicht. Dat ass onbedéngt néideg, fir den Erausforderungen um Terrain an den Ufuerderunge vum Kooperatiounsministär gerecht ze ginn. Eis Aarbecht gëtt doduerch strukturéiert, transparent an efficace, wat zum Virdeel fir eis Partner a fir äis ass. Ech kann nëmmen déi Entwécklung ënnerstëtzen a guttheeschen. Et ass mer net fir d'Zukunft baang, well d'Jacqueline an all eis Membere vum CA maachen hir Aarbecht mat vollem Asaz.

Gëtt et Iddien a Gedanken, déis Du deenen aktuelle Memberen aus dem CA mat op de Wee wëlls ginn?

Fir eis Europäer ass et wichteg, fir d'afrikanesch Mentalitéit kennen a verstoen ze léieren. De Wäissen als Chef oder Coopérant ass net méi an Afrika erwünscht, sou datt et kaum nach ewéi fréier méiglech ass, als Entwécklungshelfer do schaffen ze kënnen. Et kann een awer als Stagiaire, als Student oder als Benevol an enger vun Afrikaner geleeter a vun Europäer bezuelter Struktur 3 Méint bis e Joer schaffen. Op dës Manéier léiert een d'Land an d'Leit kennen. Mat der Erfahrung méi räich, ass et méi einfach heiheem, am CA, gutt Léisunge fir dat afrikanescht Land ze sichen an ze fannen. Wann Der oder Är Kanner d'Geleeënheet hutt, fir esou e Stage ze maachen, da profitéiert dervun. Et ass fir Iech selwer a fir d'Entwécklungszesummenaarbecht vu grousem Virdeel.

Behaalt deen demokrateschen a frëndschaftleche Geescht, deen am CA ass, an der Zukunft bäi. Et ass wonnerbar, wéi virbildlech, iwwerluecht a fair d'Diskussiounen am CA gefouert ginn. Jidderee kënnt zu Wuert a seng Meenung gëtt respektéiert. Demokratesch gëtt ofgestëmmt an et gëtt esou gemaach, wéi d'Majoritéit et wëllt. Den CA vum Service Coopération vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer ass e Virbild vu gelieferter Demokratie.

Marcel, d'Sensibilisatioun vun deenen Interesséierten, de Schoulkanner an de Membere vun der Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer war fir Dech ëmmer en Thema. Mam Background vum fréiere Schoulmeeschter an Dengem oppene Wiese wousst Du d'Leit an d'Kanner ze begeeschten.

Ech hunn d'Chance, fir nach haut a verschidde Schoulen iwwer de Burkina Faso schwätzen ze kënnen an de Jongen a Meedercher Biller iwwer d'Land, d'Leit an iwwert eis Aarbecht weisen ze kënnen. Et ass ëmmer e flott Erleefnes, fir mat de Jonken iwwer Afrika ze diskutéieren. Et ass eng Beräicherung fir äis all. Ganz gäre maachen ech dat weider, esou laang meng Gesondheet mer et erlaabt.

Gëtt et Iddien a Gedanken, déis Du de Memberen aus der regionale Gruppe vun der Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer (LLJ – JB & JW) mat op de Wee wëlls ginn?

Wann déi eenzel Gruppe vun der LLJ – JB & JW eppes organiséieren, wéi den Dag vun der Kooperatioun, de Jongbaueren- a Jongwënzerdag, de Landjugenddag, d'36-Stonnen-Aktioun, ... dann ass dat ëmmer bis an all Eenzelheet geplangt a gëtt mat grousser Energie an Asaz duerchgefouert. Ech kann ëmmer nees staunen an déi jonk Leit bewonneren. Si maachen et gutt, esouguer ganz gutt! Ech ka si nëmmen an hirer Dynamik begléckwünschen a si ermuddegen, op deem Wee weiderzefueren!

Marcel, et gëtt nach eng ganz Rei Froen, déi mir Dir stelle wëllen. Den Interview ass awer scho méi laang ausgefall, wéi geplangt. Éier mir ofschléissen, misst Du eise Lieser awer nach matdeelen, wat Deng Zukunftspläng sinn. Mir wëssen, dass et do Themefelder gëtt, déi Dir um Häerz leien a wous Du Dech weiderhin abréngen wëlls.

Viru 45 Joer hunn ech ugefaang, fir Bandes dessinées fir d'Primärschoul ze zeechnen. Lues a lues hunn ech mech a verschidden Themen a besonnesch an d'Geschicht vum Zweete Weltkrich ageschafft. Op deem Gebitt hunn ech nach verschidde Projeten, déi ech realiséiere wëll. – D'Panneauen „REMEMBER US“, déi bis elo bei 24 Monumenter fir eis amerikanesch Befreier 1944/45 stinn, ginn nach weider op Ufro vun de Gemengen oder den Organisatiounen, déi sech fir d'Erhale vun der Erënnerung un den 2. Weltkrich asetzen, opgeriicht. Ech schaffe bei deene Projekte gäre mat. Et sinn nach ganz vill Monumenter am Land, wou nach kee Panneau steet a wou et awer néideg wier, datt d'Leit wësst, wat do geschitt ass.

Afrika wäert mech och an Zukunft net ganz lass loossen. Ech weess nach net, wéi et mat menger Fra hirer Initiativ „Partage Afrique“ weidergeet. Et ass méiglech, datt ech do gebraucht ginn an ech hale mech bereet.

Vill Aarbecht bleift nach ëmmer ëm an am Haus zu Weller ze maachen. D'Zäit gëtt mer net laang, awer ech weess net, wéi laang mer nach vu menger Zäit bleift, fir alles fäerdeg ze maachen, wat ech mer virgeholl hunn. Nu jee, eiser Här weess, wéini datt Hie mech rífft.

Mir soen dem Marcel e ganz grouse Merci fir dës interessant Andréck iwwer säi wäertvollen Asaz fir de mannerbemëttelte Bauerestand am Burkina Faso an am Verwaltungsrot vun der ONG hei zu Lëtzebuerg. Hien huet ganz kloer - wéi de Pater Spoden an deem seng Nofolger, d'Abbé Léon Kirsch a Leo Wagener – der Kooperatiounsaarbecht vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer säi Stempel opgedréckt.

Mir sinn iwwerzeegt, datt seng laangjäreg Aarbecht hir Friichten droe wäert. „Säi“ Projet wäert de Verwaltungsrot vun der ONG nach eng Zäit beschäftegen, bis datt eng gewëssen Autonomie erreicht ass. Mir wëllen awer näischt iwwerstierzen an äis déi néideg Zäit loossen, fir déi Moyenen anzesetzen, déi néideg sinn. Mir sinn zouversichtlech, datt wa mir déi rezent Iwwerleeunge vun deenen Zoustännegen aus dem Lëtzebuerger Kooperatiounsministär an déi nächst Etapp vum Projet afléisse loossen, wann déi finanziell Ënnerstëtzung vun deemselwechte Ministär och an Zukunft garantéiert ass, a wann de lokale Partner seng Responsabilitéite weiderhin dréit an nei Kontakter mat aneren Akteuren um Terrain ophëlt, datt och déi nächst a wahrscheinlech lescht Phase vum Projet mat Succès ofgeschloss ka ginn.

Dem Marcel wënsche mir nach vill schéin an erfëllte Joren am Krees vu senger Famill a vill Satisfaktioun bei der Realisatioun vun deem, wat him um Häerz läit.

Am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG

Franz Glodt
Sekretär